UNICEF – 04.10.2018

Villäicht hutt dir och schonn eng Kéier fir Chrëschtdag faarweg bemoolte Kaarte geschéckt kritt. Et ass gutt méiglech, dass dës Kaarten Deel vun engem Spendeprogramm vun der UNICEF sinn. UNICEF steet fir United Nations International Children's Emergency Fund.

Mee wat ass eigentlech UNICEF?

Et handelt sech ëm d'Kannerhëllefswierk vun de Vereenten Natiounen, eng Organisatioun, déi als Haaptaufgab huet, Kanner op der ganzer Welt ze hëllefen.

D'UNICEF gouf kuerz nom Enn vum 2. Weltkrich gegrënnt a schafft haut virun allem a méi aarme Länner. Si orientéiert sech fir hir Aarbecht un der UN-Konventioun fir Kannerrechter.

Gesond Ernierung, Medikamenter souwéi Bildung si ville Kanner op der Welt zum Beispill net zougänglech an d'UNICEF probéiert deem entgéintzewierken. Si schafft am Moment a ronn 190 Länner, virun allem a méi strukturschwaache Géigenden, mee och och a Krisegebidder. Sou gi Schoule gebaut, Zougank zu propperem Drénkwaasser geschaaft a medezinesch Betreiung ugebueden. D'UNICEF versuergt zum Beispill all drëtt Kand op der Welt mat Impfungen a stellt Schoulmaterial, fir Millioune vu Kanner zur Verfügung.

Och schafft d'UNICEF vill dorunner, Kanner, déi gezwonge ginn als Zaldoten a Kricher matzegoen, eng Alternativ unzebidden.

Kanner, déi aus ënnerschiddlechen Ursaache fortlafe mussen, sief et Krich oder Naturkatastrophen, wéi Äerdbiewen an Iwwerschwemmungen, kréien Hëllef vun der UNICEF.

D'UNICEF setzt sech awer och politesch an a bedreift an eenzele Länner Lobbyaarbecht fir d'Rechter vun de Kanner, fir si besser kënne vru Mëssbrauch, Kanneraarbecht, Aarmut a Gewalt ze schützen.

D'Finanzéierung leeft zu engem groussen Deel iwwer fräiwëlleg Bäiträg vu Staaten, awer och zu engem Deel iwwer Spenden.

Zu Lëtzebuerg ass d'UNICEF och aktiv, ënner anerem fir op Kanneraarmut bei eis am Land opmierksam ze maachen, mee och fir Spenden ze sammelen. Wie sech also fir Kannerrechter staark wëll maachen, huet hei eng gutt Plaz, wou ee ech engagéiere kann.